N°6219
Reçue le 19.05.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 19.05.2022

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Wéi a verschiddenen Artikelen um Zitt vum 100komma7 an am Luxemburger Wort ze liese war, huet déi ukrainesch Ambassade gefuerdert, d'Ausstellung "The Rape of Europe" am Nationalmusée ofzesoen, well d'Wierker vun engem russesche Kënschtler, dem Maxime Kantor, hei ausgestallt ginn. D'Wort zitéiert d'Objectiounen déi vir bruecht gi sinn: "Le MNHA et Michel Polfer s'en rendraient "inconsciemment complices" d'une justification de crimes de guerre et du financement du "viol de l'Europe "(...)."

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Huet d'Ambassade vun der Ukrain gefrot fir déi Ausstellung ofzesoen? Wa jo, huet d'Lëtzebuerger Regierung reagéiert an op wéi eng Manéier?
2) Wa jo, wëll d'Regierung der Ambassade vun der Ukrain mat deelen, datt et net enger auslännescher Ambassade hir Aufgab ass fir sech an intern Ugeleeënheete vu Lëtzebuerg anzemëschen?
3) Well d'Regierung an dësem Kontext eng kloer Erklärung géint all Versuch vun Zensur maachen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N°6219
Reçue le 16.06.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Gemeinsam Äntwert vum Aussen-an Europaminister Jean Asselborn a vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 6219 vum 19. Mee 2022 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser

Weder de Musée national d'histoire et d'art (MNHA), nach den Aussen-an Europaministère oder de Kulturministère si vun der ukrainescher Ambassade gefrot ginn, d'Ausstellung vum Maxim Kantor „The Rape of Europe" ofzesoen.

Dës Regierung steet weiderhi fir Meenungs- a Konschtfräiheet, esou wéi se an eisem Rechtsstaat garantéiert sinn.

Lëtzebuerg, de 16. Juni 2022

(s.) Jean Asselborn

Aussen- an Europaminister